**Tipps an Tricks bei de Butzen an der LASEP:**

- Virun der Stonn alles prett hunn: Iddien a Material (wann d’Kanner am ‘Leerlauf’ sinn, dréinen si op);
- D’Spiller an een Thema, eng Geschicht apaken, dëst mécht et vill méi flott a spannend fir d’Kanner an deem Alter.
- D’Regele musse liicht verständlech sinn a séier ze erklären. D’Spill ulafe loossen an iwwerdeems weider Regele ginn.
- Wëssen wéi een d’Kanner séier a Gruppen opdeelt, ouni si wielen ze loossen:

  a) Si 1-2-1-2- ofziele loossen;

  b) All déi Kanner déi eng kuerz Box unhunn (wann dat equivalent ass zu deene laange Boxen);

  c) De Kanner eng Kaart ginn, wou eppes drop gemolt ass: all déi Kanner gi beieneen, déi dat nämlecht Bild hunn;

  d) ...

  Wichteg ass awer ze kucken, dass d’Gruppen zimlech gläich staark sinn, wann et e Spill ass wou 2 Equippen géinteneen untrieden.

- D’Kanner net ausscheede loossen, si sollen alleguer matspille kënnen.
- Net just Spiller maachen, wou et op d’Vitesse ukënnt, mee och Spiller wou et ëm d’Geschécklechkeet geet.
- D’Ofgrenze vum Spillterrain visuell gutt siichtbar maachen (wann d’Spill dat erfuerdert).

